LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, an dem Premierminister, Luc FRIEDEN, op d'parlamentaresch Fro N° 4611 vum 12. August 2026, vun den honorabelen Deputéierten, André BAULER a Gilles BAUM, zum Sujet „Acquisition de la nationalité luxembourgeoise"

1. **Kann d'Regierung déi 10 am stäerkste vertrueden Nationalitéiten zanter 2020 no Alter a Geschlecht opschlësselen?**

Am Zäitraum vun 2020 bis 2025 hunn 54.229 Persounen d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt. Déi zéng am stäerkste vertruede fréier Nationalitéite waren déi brasilianesch mat 11.219 Persounen, déi franséisch mat 8.355, déi portugisesch mat 7.029, déi belsch mat 3.696, déi amerikanesch mat 3.534, déi däitsch mat 1.895, déi italieenesch mat 1.778, déi brittesch mat 1.097, déi russesch mat 977 an déi montenegrinesch mat 921 Persounen.

Wat d'Geschlecht ugeet, waren ënnert de Persoune mat enger fréierer brasilianescher Nationalitéit 5.947 Fraen a 5.272 Männer, bei der franséischer Nationalitéit 4.253 Fraen a 4.101 Männer a bei der portugisescher Nationalitéit 3.586 Fraen an 3.443 Männer. Bei der belscher Nationalitéit waren et 1.785 Fraen an 1.911 Männer, bei der amerikanescher 1.907 Fraen an 1.627 Männer, bei der däitscher 986 Fraen an 909 Männer a bei der italieenescher 855 Fraen an 923 Männer.

Wat den Alter ugeet, war bei de Persoune mat enger fréierer brasilianescher Nationalitéit d'Altersgrupp vun den 30-44-Järegen am stäerkste vertrueden, mat insgesamt 4.764 Persounen. Dat war och bei der amerikanescher Nationalitéit de Fall, mat 1.105 Persounen. Bei de Persoune mat enger fréierer franséischer, belscher, däitscher an italieenescher Nationalitéit war d'Altersgrupp vun de 45-59-Järegen am stäerkste vertrueden, mat respektiv 2.420, 1.136, 608 a 644 Persounen. Bei der portugisescher Nationalitéit hunn d'18-29-Järeg mat insgesamt 2.920 Persounen déi gréisst Altersgrupp ausgemaach.

Fir déi brittesch, russesch a montenegrinesch Nationalitéit leien d'Gesamtzuele fir d'Period 2020 bis 2025 vir. Eng komplett Opschlësselung no Alter a Geschlecht iwwer déi ganz Period léisst sech aus den disponibelen Donnéeën awer net ofleeden.

2. **Wéi eng fënnef Natiounen aus Drëttstaaten, ofgesi vum amerikanesche Kontinent, weisen zanter 2020 dee stäerkste prozentualen Zouwuess bei de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl hunn? Kann d'Regierung d'Donnéeën och no Altersgruppen opschlësselen?**

Am Zäitraum 2020 bis 2025 goufen, ënnert den Nationalitéiten aus Drëttstaaten ausserhalb vum amerikanesche Kontinent, fir déi en exakte Verglach méiglech ass, déi héchst prozentual Hausse bei de Persoune mat enger fréierer syrescher, irakescher, indescher, marokkanescher an tierkescher Nationalitéit festgestallt.

Bei der syrescher Nationalitéit ass d'Zuel vun 30 op 208 geklommen, wat prozentual der gréisster Hausse entsprécht. Bei der irakescher Nationalitéit ass d'Zuel vun 13 op 77 geklommen, bei der indescher

Nationalitéit vun 34 op 167, bei der marokkanescher Nationalitéit vun 24 op 110 a bei der tierkescher Nationalitéit vun 37 op 141.

Wat d'Altersgruppen ugeet, weist d'Analyse bei der syrescher an der indescher Nationalitéit, datt d'30-44-Järeg am stäerkste vertruede sinn. Fir déi aner genannten Nationalitéite léisst sech keng entspriechend Opschlësselung iwwer déi ganz Period 2020 bis 2025 ofleeden.

3. **Verfüügt d'Regierung iwwer Indicateuren, fir d'Effikassitéit vun de Formatiounen zur Kenntnis vun eisem Land, senger Geschicht, sengen Institutiounen a sengen demokratesche Reegelen ze moossen? Ass d'Regierung der Meenung, datt dës Formatiounen eng Kéier onofhängeg bewäert sollte ginn, a wa jo, a wéi engem Zäitraum?**

D'Formatioun „*Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg*" huet als Zil, de Participantë Kenntnisser iwwer d'Lëtzebuerger Gesellschaft, d'Geschicht vum Land, seng Institutiounen an déi fundamental demokratesch Wäerter ze vermëttelen.

D'Ëmsetzung an de Suivi vun der Formatioun ginn duerch de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend assuréiert. D'Participatioun un de Formatiounen an d'Resultater vun den organiséierten Exame bidden dobäi Indikatiounen iwwer d'Ëmsetzung vun der Offer an d'Vermëttlung vun de viséierte Kenntnisser. Fir den Erhalt vum entspriechende Certificat ass entweder d'Participatioun un 24 Stonne Formatioun oder d'Bestoe vum Examen erfuerderlech.

Donieft fënnt e reegelméissegen Austausch tëscht de Formateure statt. D'Coursen an déi pedagogesch Materialie goufen an der Vergaangenheet a ginn och an Zukunft op Basis vun den Erfarungen aus der Formateur-Praxis lafend adaptéiert a verbessert. D'Erfarunge vun de Formateuren an de Participante goufen och bei der Entwécklung vun der neier digitaler Plattform, déi Ufank 2027 a Betrib geholl soll ginn, berücksichtegt.

Dës Elementer erlaben et, d'Ëmsetzung vun der Formatioun ze suivéieren an d'Offer kontinuéierlech weiderzeentwéckelen. D'Regierung ass der Meenung, datt d'Formatioun an hir Inhalter och an Zukunft reegelméisseg iwwerpréift solle ginn. Ob doriwwer eraus eng onofhängeg Evaluatioun sënnvoll ass, kann an dësem Kader gepréift ginn. Zu dësem Zäitpunkt ass kee konkrete Kalenner fir esou eng Evaluatioun festgeluecht.

Lëtzebuerg, den 5. Oktober 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue